



**Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, a vum Här François Bausch, Verdeedegungsminister, op d'parlamentaresch Fro n° 5477 vum 07. Januar 2022 vum honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser**

**Ad 1.):**

Et wäert net zu engem Shifting vum 3G hin zum 2G kommen.

**Ad 2.):**

Waat d'Police betrëfft sief ze bemierken, dass den Art. 4 bis (13) vum Covid-Gesetz sech just op d'Activités physiques et sportives vun der Formation professionnelle de base an der Formation continue vun der Policeschoul bezitt. Déi genanneten Aktivitéite sollen och weiderhin ënnert dem 3G lafe kënnen; dofir ass am neien Text den Art. 4 bis (13) gestrach ginn. Dësen Text ass séit dem 12. Januar a Kraaft.

Wat d'Zaldote betrëfft sief op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro 5411 verwisen.

**Ad 3.):**

Um Niveau vun der Police kennt et net zu engem Ausschloss vu net geimpfte Polizisten,

Um Niveau vun der Arméi ass den estiméierten Impakt op de Rekrutement negligeabel, sou dass kee negativen Impakt op de Fonktionnement z'erwaarden ass.

Lëtzebuerg, den 08/02/2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX